

gesat ginn ass an datt doduerch d'Rechnung fir eis Banken am Eeschtfall vläicht net ëm dat Fënneffacht, mä awer gär ëm dat Zwee- bis Dräifacht klamme géif.

Den Hoken dobäi ass, datt éischtens d'AGDL-Statuten d'Bedelegung vun den eenzelne Banken op 5% vun hiren Eegeomëttel limitéiert - e Plaffong, dee bei 100.000 Euro maximal fir jiddwer Client séier erreecht ass - an datt zweetens bei deem Montant en Accident vun enger och nëmme mëttelgrousser Bank schonn duergéif, fir déi Banke vun der Plaz mat an d'Faillite ze rappen, déi am meeschten Dépöten hunn - an déi kennt Der.

Et ass evident, dat ënnert deenen Ëmstänn deen alen AGDL-System et net méi brénge kann. Duerfir gétt iwwerluecht, ob een dee private Modell net duerch en öffentleche Fong ersetze soll, un deem wuel d'Banke weiderhi bedeelegt wären, mä an deem de Stat d'Roll vum sougenannten „lender of last resort“ iwwerhuele misst, dat heescht deen, deen um Enn d'Lach stoppe muss.

Esou eppes Ähnlech esou d'Auteure vun dësem Projet och vir, mä datt dat soll esou ouni Weideres der CSSF iwwerlooss ginn, huet dem Statsrot net gefall, wéi gesot, deen hei constitutionnel Problemer gesinn huet a sech dofir queesch geluecht huet.

Eigentlech hätte mer domat dat, wat ee sou schéin nennt e Vide juridique. Well esou laang mir kee Gesetz hunn, dat eisen ale Garantiesystem duerch en neie Garantiefong ersetzt, si mir nach am AGDL-System. Deen net awer, wéi mir elo grad gesinn hunn, e weidere Bankecrash bei eis net verdaue géif.

Mä de Statsrot huet séier eng Léisung bei Hand gehat. Wann dat géif passéieren, huet hien a sengem Avis gemengt, da kéint een nach ëmmer op den Artikel 32(4) vun der Verfassung zrëckgräifen. Deen Artikel be-seet ganz einfach, datt am Fall vun enger internationaler Kris - der Grand-Duc Drénglechkeetsreglementer huele kann. Domat wäre mer op d'mannst provisoresh aus dem Schneider.

Un där neier Regierung wäert et awer da sinn, de Problem definitiv mat engem Gesetz ze léisen, dat da wuel d'Laascht op zwou Schëllere verdeele wäert: déi vun de Banken op där enger, an déi vum Stat op där anerer Säit.

En attendant empfiehlt Är Finanz- a Budgetskommissioun der Chamber, Här President, dëst Iwwergangsgesetz ze stëmmen, mat deem mir weinstens einstweilen eisen europäeschen Obligatiounen nokommen.

Ech ginn och den Accord vun der CSV-Fraktioun an ech soen lech alleguer, haut fir d'lescht, op d'mannst an dëser Legislatur, Merci fir Äert méi oder weiniger andächtegt Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Thiel. Den honorabelen Här Goerens huet d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Charles Goerens (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Härën, de Projet de loi, esou wéi en exposéiert ginn ass elo vum Lucien Thiel, deem ech iwwregens Merci soen, stellt en noutwendeg Schrëtt duer a Richtung Consolidatioun vum Vertrauen an d'Finanzplaz. Och wann dee Schrëtt net komplett ass aus deene Grënn, déi en elo grad gesot huet, muss mer dat hei awer virhuelen, souguer wann am Eeschtfall, wat keen hofft, den Artikel 32(4) vun der Verfassung misst beméit ginn, fir eben déi Moosname kënnen ze huelen iwwert de Regierungswee, déi dee Moment noutwendeg wieren.

Mir fannen, et ass gutt, datt mer dat nach elo maachen, well den Image vu Lëtzebuerg ass jo net onbedéngt besser ginn an der Vergaangenheet, an der rezenten Vergaangenheet, doduerch, datt mer net esou héich Dépöte garantéiert hunn, wéi dat an anere Länner de Fall war. Mir maachen also hei och eppes fir den Image vun der Finanzplaz Lëtzebuerg, där hir Importenz mer doudsëcher net brauchen hei zousätzlech ze ënnersträichen.

Ech géif och de Wunsch ausdrécken, datt déi aner Nobesserungen um Gesetz sou séier wéi méiglech kënnen kommen, fir datt mer aus enger Situatioun erauskommen, déi aus der Siicht vun der Chamber, déi och ëmmer muss op hir Prérogativë beduecht sinn, diskutabel ass. Sech beruffen op Ausnahmesituatiounen ass noutwendeg, mä wann een dat kann évitéieren, da soll een dat esou séier wéi méiglech no den nächste Wahlen an een anert Gesetz agéissen.

Dat gesot, ginn ech och den Accord vu menger Fraktioun. An ech wollt mech och

de Mercien uschléissen, déi virdrun expriméiert goufen un d'Adress vun de Rapporteuren. An ech mengen, déi Finanzkommissioun, där ech laang Zäit ugehéiert hunn, déi huet eng ganz interessant Aarbecht gemaach an et ass ëmmer op engem Niveau diskutéiert ginn, wou d'Gespréichskanal ëmmer offe waren. Ech wollt jiddefalls all deene Kolleege, déi an där Kommissioun waren, wéi grad déi och heibannen an der Chamber, mat deenen ech laang zesummegeschafft hunn, Merci soen. Dat war eng ganz flott Zäit an déi wäert mer doudsëcher an Zukunft feelen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. D'Wuert huet elo d'Regierung. Pardon, den honorabelen Här Negri.

» **M. Roger Negri (LSAP).** - Merci, Här President. Ech wëll och dem honorabele Kolleeg Lucien Thiel Merci soe fir seng zwee Rapporten, dee mëndlechen an dee schrëftlechen. Mir als LSAP wëlle virun allem ënnerstëtze seng Ausso, dass nach en definitivt Gesetz an der nächste Legislaturperiod soll ausgeschafft ginn. Domadder gi mer och den Accord vun eiser LSAP-Fraktioun.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Negri. D'Wuert huet elo d'Regierung. Den Här Minister Luc Frieden.

» **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Här President, ech wëll hei nach eng Kéier op d'Wichtigkeet vun dëser ganzer Problematik ronderëm d'Garantie de dépôt hiweisen. A besonnesch op deen éischte Volet, deen zënter den 1. Januar 2009 a Kraaft ass an dee mer duerch d'Budgetgesetz a Kraaft gesat hunn, nämlech datt den Niveau vun den Dépöte pro Client, pro Bank op 100.000 Euro zu Lëtzebuerg fixéiert ginn ass. Mir waren a mir sinn domadder op deem nämlechten Niveau wéi déi Finanzzentren, mat deene mer a Konkurrenz sinn. Dat ass e wichtige Punkt.

Heimadder maache mer nëmme e kleng Schrëtt weider, mä et bleift eis Intentioun, an ech kann och d'Chamber do rassurieren, mir hunn déi Aarbechten iwwert e ganz neie Garantie-de-dépôt-System scho relativ wäit geféiert. Ech wäert och an deenen nächste Wochen, onofhängeg vun deenen Datumen, déi ustinn, déi Aarbechte weiderféieren. Déi si komplex an déi wäerten net liicht zu engem Konsensus féieren, well et drëm geet: „Wéi setzt een e System op, deen, wann e muss anrieden, och déi Suen zur Dispositioun huet an déi ka schnell ausbezuelen?“

De System huet geklappt an der Vergaangenheet an deene Fäll, wou en huet misse spillen. Ech hätt och gären, datt en an der Zukunft klappt.

Ech mengen a bleiwen der Meenung, onofhängeg vun där Opposition formelle vum Statsrot, datt d'CSSF dat richtegt Organ als Iwwerwaachungsbehörde vun der Finanzplaz ass. Déi muss esou e System iwwerkucken, esou e System organisieren, an datt dee System, wéi en haut besteet, net méi den Ufuerderungen, déi kënnen gestallt ginn an enger Krisesituatioun, gerecht ginn.

Duerfir mengen ech, datt de Wee, fir dat bei d'CSSF ze leeden, e richtege wär. Iwwert d'juristeschen Formen, wéi een dat mécht, doriwwer kann een diskutéieren. Mä dat gétt d'Aufgab vum nächste Parlament. Mä ech wëll soen, datt dës Regierung, esou laang wéi se am Amt ass, un deem Projet weider wäert schaffen an datt déi nächst do e Projet wäert ierwen, dee schonn zu 90% fäerdeg ass, wa se dann am Juni oder Juli an d'Amt kënn.

Domat géif ech wëlle Merci soe fir déi Ënnerstëtzung, déi dëse Projet hei kritt. Merci och dem Rapporteur Lucien Thiel. Merci awer och all de Kolleege vun der Finanzkommissioun, dem President Laurent Mosar, déi op eng ganz effikass Aart a Weis mat eis, déi zoustänneg waren an dëse Jore fir d'Finanzplaz, déi op eng ganz effikass Aart a Weis dës Projekte schnell iwwert d'Bühn bruecht hunn.

Et gétt oft gesot, Lëtzebuerg wär net schnell. Grad am Beräich vun der Finanzplaz hu mer iwwert all déi Jore gewisen, datt mer séier Gesetzgebunge kënnen maachen. An dat huet vill zu der staarker Entwécklung vun där Finanzplaz an deene leschte Jore bäigedroen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

12. 6011A - Projet de loi portant modification de l'article 80 de la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la Comptabilité et la Trésorerie de l'État (suite)

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister Frieden. Mir stëmmen elo of. Fir d'éischt iwwert de Projet de loi 6011A, d'Ofännerung vun der Statskontabilitéit.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Ee Moment nach. Voilà. D'Ofstëmme fänkt un. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugehall mat 54 Jo-Stëmmen, bei 4 Nee-Stëmmen an enger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

13. 6011B - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier (suite)

Mir stëmmen dann of iwwert de Projet 6011B iwwert de Finanzsektor.

Vote sur l'ensemble du projet de loi

D'Ofstëmme fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. D'Ofstëmmen ass ofgeschloss.

De Projet ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

14. 6011A - Projet de loi portant modification de l'article 80 de la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la Comptabilité et la Trésorerie de l'État (suite)

Mir hunn dann nach d'Resolutioun an d'Motioun, déi d'Madame Flesch déposéiert huet.

Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun, déi ass vun alle Gruppen a Sensibilitäten ënnerschriwwen. Kënnen mer par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wien d'accord ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ech gesinn, dat ass déi ekrasant Majoritéit. Domat ass d'Motioun ugehall.

Résolution 1

D'Resolutioun kënnen mer och par main levée ofstëmmen.

Vote

Ech bieden ëm Handzeechen.

Och hei ass et eng ganz grouss Majoritéit, déi mat där Resolutioun d'accord ass.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Dir Dammen an Dir Härën, mir kommen dann zum leschte Projet de loi vun dëser Legislaturperiod. Et ass d'Ofännerung vum Code du Travail an den honorabelen Här Ali Kaes ass hei de Rapporteur.

15. 6006 - Projet de loi portant modification de la loi du 17 février 2009 portant

1. modification de l'article L.511-12 du Code du Travail

2. dérogeant, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L.511-5, L.511-7 et L.511-12 du Code du Travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

» **M. Ali Kaes (CSV), rapporteur.** - Här President, Kolleegeinnen a Kolleege, de Projet de loi, dee mer elo diskutéieren, ass eben, wéi de President dat scho gesot huet, de leschte Projet an der Legislaturperiod, awer och de leschte Projet vum Krisepackage vun der Regierung an ännert a sech fir déi zweete Kéier innerhalb vun nëmme e puer Méint de legale Kader vum Chômage partiel of.

Ech wëll a sech drun erënneren, dass mer déi deementspriedend Gesetzgebung eréischt de 17. Februar vun dësem Joer als Antikrisemoosnam séier un d'Realitéit an d'Besoinë vum jëtzege Aarbechtsmaart ugepasst hunn.

Um Enn vum leschte Joer hunn ëmmer méi Betriber Problemer kritt. Och méi grouss Betriber waren derbäi an hunn op Kuerzaarbecht zrëckgegraff. 2009 huet sech a sech dës Situatioun nach zougespëtzt. Dëst huet, wéi schonns gesot, zu där éischter Adaptatioun vun der Gesetzgebung iwwert d'Kuerzaabeht gefouert.

Här President, a Krisenzäite wéi dësen ännert d'Situatioun um Aarbechtsmaart vill méi séier wéi et eis léif ass. Mir mussen feststellen, dass d'Zuel vun de Betriber mat Schwiereregkeeten net nëmme weider zouhëlt, mä datt dat neit Instrument „Kuerzaarbecht“ a sech net duergeet, fir an den nächste Méint an dëse Betriber d'Entloossungen ze verhënneren.

Fir de Mee hunn 147 Betriber beim Konjunk-turcomité eng Demande gemaach fir kënnen kuerz ze schaffen, 119 sinn accordéiert ginn. Betraff sinn hei ronn 10.000 Leit. Den Aarbechtsminister geet awer dervun aus, dass sech d'Zuel vu Kuerzaarbechter an deenen nächste Méint an dëse Grëss-tenuerdunge wäert apendelen.

Här President, dës 10.000 Salariéen an hir Famille mussen kucken, dass se mat mander Akommes iwwert d'Ronne kommen. Gläich-zäiteg muss een awer och soen, dass dës 10.000 schaffend Leit dank dem Chômage partiel net entlooss ginn. De Chômage partiel ass jo e Mëttel, fir kuerz- respektiv mëttelfristeg d'Aarbechtsplazen ze halen. E verhénnert, dass et zu Entloossungen aus konjunkturelle Grënn hei am Land kënn.

(Coups de cloche de la Présidence)

Et ass och wichteg, nach eng Kéier ze rappeléieren, dass déi Betriber, déi Kuerz-aarbecht aus konjunkturelle Grënn accordéiert kréien, a sech keng Entloossunge vir-huelen dierfen. Kuerzaarbecht ass am Interesse vun eise Betriber an awer och am Interesse vun hire Beschäftigten.

Mir dierfen awer derbäi net vergiessen, datt d'Kuerzaarbecht fir vill Leit, obwuel et eng Hëllef ass, e groussen Akommesver-loscht dierstellt an et dierfir och keng Solutioun à long terme kann dierstellen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll elo net nach eng Kéier am Detail déi Dispositiounen rappeléieren, déi mer duerch d'Gesetz vum 17. Februar 2009 ëmgeännert hunn. Dat kënn Der a sech am exzellente schrëftleche Rapport vu mengem Fraktiounskolleeg a perséinleche Kolleeg, dem Marc Spautz noliesen.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. Ali Kaes (CSV), rapporteur. - Just fir de Rappel: Den Artikel 2 vun dësem Gesetz gesäit vir, dass och bei strukturelle Problemer fir d'Joer 2009 déi éischt 16 Stonne vun der Kuerzaarbecht vum Stat iwwerholl ginn,...

(Coups de cloche de la Présidence)

...ënnert der Konditioun, dass e Plan de maintien dans l'emploi am Betrib of-gehandelt gëtt. Dës Dispositioun gëllt mam virleiede Projet de loi och fir d'Joer 2010.

(Brouhaha)

En anere Punkt betrëfft den Artikel 3 vum Gesetz vum 17. Februar.

(Coups de cloche de la Présidence)

» M. le Président. - Ech géif awer bidden hei, wann ech gelift. E wéineg Gedold nach!

» M. Ali Kaes (CSV), rapporteur. - An dësem Artikel gouf d'Referenzperiod fir de Chômage partiel am Joer 2009 op zwielef Méint festgeluecht an d'Limite vu 50% vun der gesamter Aarbechtszäit pro Mount konnt a sech iwwerschratt ginn a bis zu 100% goen. Dat heescht, et konnt een e ganze Mount laang am Chômage partiel sinn, wat vu verschiddene Betriber dann och an Usproch geholl ginn ass. De Maxi-mum vu Kuerzaarbecht pro Joer ass awer op d'Zäit vun dräi Méint begrenzt ginn, konnt awer op déi zwielef Méint zu ënner-schiddleche Prozentsätz geholl ginn. Dëst huet bei de Betriber méi Flexibilitéit eben am Fall vun der Kuerzaarbecht mat sech bruecht.

Den Text, iwwert dee mer haut ofstëmme, gesäit éischters vir, déi méi grouss Flexi-bilitéit dann och op 2010 auszedehnen, an zweetens fir 2009 an 2010 déi dräi Méint Chômage partiel pro Joer op maximum sechs Méint vun der gesamter järelecher Aarbechtszäit ze erhéien.

D'Ausweidung vun de grad genannten Dispositiounen op d'Joer 2010 ass e ganz wichteg a staarkt Signal un all eis Betriber, well mer hinnen domadder kloer vermë-telen, dass mer hinnen an deene schwie-regen Zäiten de Réck stäipen, bis eben d'Konjunktur erëm d'Kéier kritt.

Dës zousätzlech Mesure vun de sechs Méint kascht de Stat zousätzlech ronn 10 Milliounen Euro pro Mount mat der Zuel vu Leit, déi haut vun der Kuerzaarbecht betraff sinn.

Jo, Dir Dammen an Dir Hären, dat si vill Suen. Mä ouni d'Instrument vun der Kuerz-aarbecht géif de Stat nach vill méi Pro-blemer kréien, an dat net nëmme um finan-zielle Plang; och d'sozial Kohesioun géif sécherlech Réss kréien.

En drëtten neie Punkt, deen an dësem Projet de loi virgesi war, ass vum Statsrot a sengem Avis vum 31. März 2009 gekippt ginn. Konkret sollt d'Regierung mam Avis vum Comité de conjoncture d'Méiglechkeet kréien, séier déi temporaire Limite vun der Kuerzaarbecht am Fall vu konjunkturelle Problemer auszedehnen an unzepassen, wann d'Situatioun an der Wirtschaft sech nach géif verschlechteren. Doduerch hätt d'Regierung sech e Moyen ginn, fir während de Joren 2009 an 2010 d'Period vun der Indemnisiatioun vun der Kuerzaarbecht iwwert déi sechs Méint eraus auszeweiden.

De Statsrot huet sech dogéint formell oppo-séiert, well dës Dispositioun a sech géint d'Verfassung verstéisst. Op där anerer Säit versteet de Statsrot awer d'Suerg vun der Regierung a proposéiert dofir, am Artikel 3 de Passus „correspondant à six mois de l'année en cours“ ze sträichen. D'Eraus-huele vun der Referenz vun de sechs Méint gëtt der Regierung deen néidege Spillraum, fir d'Period vun der Kuerzaarbecht an de Joren 2009 an 2010 esou unzepassen, wéi déi ekonomesch a sozial Gegebenheeten dat ebe verlaangen. D'Beschäftigungs-kommissioun vun der Chamber huet a senger Sëtzung vum 28. Abrëll 2009 selbst-verständlech d'Propositioun vum Statsrot ugehall.

De Projet gouf och vu véier Beruffskummere positiv aviséiert.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet gouf unanime an der Chamber-kommissioun ugehall an ech si frou, datt mer an der leschter Ligne droite dëse Projet nach gestëmmt kréien, mat all deenen anere Projeten, fir der Kris ze begéinen.

Ech sinn iwwerzeegt, datt mer mat dësem Gesetz ville Betriber an hire Mataarbechter entscheidend hëllef, fir duerch den Tunnel vun der Kris ze kommen, a soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Kaes. Den honorabelen Här Marc Spautz huet elo d'Wuert.

Discussion générale

» M. Marc Spautz (CSV). - Dir Dammen an Dir Hären, Här President, léif Frënn, d'Ännerung vum Artikel 511-12 vum Code du Travail, wou den Ali Kaes elo grad ënner-strach huet, ass e wichteg an eng ganz wichteg Gesetzesännerung grad elo an der Kris, wou mer gëschter an haut jo déi eenzel Moosname vun den eenzelne Packagen ëmsetzen.

Iwwer 10.000 Leit sinn de Moment an der Kuerzaarbecht an dofir ass et och wichteg, an et ass ze fäerten, dass der nach méi wéi 10.000 wäerten derbäikommen. An et ass awer wichteg, dass mer déi Leit a Be-schäftegung behalen. Et dierf een awer gläichzäiteg och net vergiessen, dass et fir déi Leit heiansdo ganz schwierig ass, wa se nëmme nach 80% vun hirem Salaire kréien. Den Ali Kaes huet déi Ännerungen eng Kéier ënnerstrach. Mä et ass awer och wichteg, an et gëtt een ëmmer erëm gefrot: „D'Regierung huet dach deklaréiert: Wou sinn déi 90%?“ An: „Déi stinn a kengem Gesetz.“

An déi kënnen och a kengem Gesetz stoen, well déi 90%, déi ginn iwwer Reglement

festgehalen, mat der Formatioun, an dofir ass et och wichteg, dat eng Kéier ze ënner-sträichen, dass dat net d'Gesetz ass, dat dat festhält, d'Heicht, mä dass dat e Rè-glement grand-ducal ass, dat festhält, dass et déi 90% ginn.

An et ass och gläichzäiteg wichteg, wa mer schwätze vun där Formatioun, dass och an där Formatioun, wou déi 90% da geschëlt sinn, dass mer och do all Hiewel a Be-wegung setzen, dass mer deene Leit, deenen 10.000, déi et de Moment sinn, och eng Formatioun kënnen ubidden. Awer net eng Formatioun, nëmme der Formatioun wegen, mä dass mer eng Formatioun deene Leit kënnen ginn, fir dass se méi Chancen hunn, duerno um Aarbechtsmaart, wann d'Relance kënn, fir duerno eng Chance ze hunn, um Aarbechtsmaart kënnen ze bestoen. Dofir wollt ech mer nach eng Kéier erlaben, dat kuerz ze ënnersträichen.

Et muss een och ënnersträichen, dass bei der Kuerzaarbecht festgestallt gëtt, dass heiansdo a verschidden Deeldivisiounen vu Betriber Kuerzaarbecht gemaach gëtt, wou do Leit heemgeschéckt ginn, an da kënn et awer zu Transferten, fir déi Aarbecht ze maache vun deene Leit, déi soss an der Kuerzaarbecht sinn. Dass dat och net geet... Ech mengen dofir wier et gutt, wann de Minister dee Message och nach eng Kéier géif soen - dass wann een an engem Betrib, an engem Firma Kuerzaarbecht mécht, an engem Service deen d'Autori-satioun dofir kritt huet, dass een dann herno net kann, wann een déi Leit heemgeschéckt huet, anerer aus dem Betrib huele fir déi Aarbecht ze maachen,- dass dat net geet an dass dat och net korrekt ass.

An idem ass et, dass Betriber déi zwee, dräi Méint a Kuerzaarbecht waren, elo op eemol erëm Produktioun kritt hunn an dann op Interimsfirmen zrëckgräifen, dass dat net seriö ass, mä dass een do den Appel muss maache vun dëser Säit aus, dass déi da vläicht mat deene Betriber, déi a Kuerz-aarbecht sinn, schwätze fir e Prêt tem-poraire de main-d'œuvre ze maachen an net op auslännesch Interimsfirmen zrëck-gräifen.

Ech mengen, dass et wichteg wier, dass och dat nach eng Kéier ënnerstrach gëtt, éischters, dat vun deenen 90% bei der Formatioun, dass dat net am Gesetz steet mä an engem Règlement grand-ducal, an dass awer och, zweetens, déi Kontrolle misste gemaach ginn.

Ech wëll awer dann och vun der Geleeën-heet profitéieren, fir dem President vun der Beschäftigungskommissioun Merci ze soe fir déi fënnf Joer wou ech elo d'Chance hat derbäi ze sinn - et sinn aner Kolleegen déi méi laang derbäi sinn -, an och dem Vize-president, dat eent ass de John Castegnaro

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**
- Retrouvez vos députés, tous les textes, législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.



Chambre
des Députés

L U X E M B O U R G

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

www.chd.lu

an dat anert de Marcel Glesener, fir deem Asatz dee se bruecht hunn, fir dass mer konnten all déi Projeten nach an deenen Délaïen duerchréien. Ech wënschen deenen zwee vun dëser Plaz aus „bonne chance“. Si zwee hunn d'Décisioun geholl vu sech aus doheem ze bleiwen, an da loosse mer emol kucken, Rendez-vous de 7. Juni, wie vun eis dann nach hei ass.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Spautz. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Fernand Etgen.

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, fir unze-fänke wëll ech dem Rapporteur, dem honorabelen Här Ali Kaes, Merci soe fir deem detailléierte schrëftlechen an informative mëndleche Rapport, deen hien zu dësem Projet de loi gemaach huet. Et gëtt zu Recht gesot, datt aussergewéinlech Situatiounen aussergewéinlech Reaktiounen verlaangen. Dëst géllt a ville Beräicher, mä virun allem awer och an der Politik.

Mir sinn, an dat wäert kee wëlle bestreiden, de Moment an enger fir Lëtzebuerg méi wéi aussergewéinlecher Situatioun. No jorelaangem wirtschaftleche Wuesstem mat deels Tauxen, mat deene mir un der Spëtzt vum Wuesstem an Europa louchen, ass déi global Finanz- a Wirtschaftskris och zu Lëtzebuerg, an domadder um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart ukomm. Et stinn eis wirtschaftlech schwiereg Zäiten an d'Haus. Vu Wuesstem ass net méi ze schwätzen. De Chômage wäert op fir Lëtzebuerg onbekannten Ausmoosse klammen, an d'Vetraue vun de Leit an eis Ekonomie, an eise Wirtschaftssystem leit dorënner.

An deene kommende Jore wäert et drëm goen, fir fir all Aarbechtsplaz ze kämpfen. Dëst wäert net ëmmer einfach sinn, och well verschidden Entreprisen dës Kris wäerten ausnotzen, fir Personal ofzebauen. Et mussen dofir all Moyenen aktivéiert ginn, fir den „worst case“ fir déi Betreffen ze verhënneren. Hei ka Lëtzebuerg ënner Beweis stellen, ob seng Kriseninstrumenter esou Situatiounen gewuess sinn, oder awer ob ee se net muss punktuell adaptéieren, esou wéi dat an dësem Fall, iwwregens schonn eng zweete Kéier, mam Chômage partiel geschitt.

Här President, rezent Ëmfroen hu gewisen, datt d'Wirtschaftskris an hir Konsequenzen de Moment dee wichtigste Sujet fir vill Leit duerstellt. Et ass net verwonnerlech, datt an dësen Zäite sech vill Leit Suergen ëm hir Aarbechtsplaz maachen. Dës Angscht sëtzst déif, ganz déif, bei ville Familljen. De Chômage, dee bis elo net onbedéngt ee Problem vun der Mëttschicht war, riskéiert elo och dës Dealer vun eiser Gesellschaft ze treffen.

De leschten Zuele vum Konjunkturcomité no waren am Mäerz 12.860 Leit zu Lëtzebuerg op der Sich no enger Aarbecht. Dëst sinn iwwer 35% méi wéi am Mäerz 2008. 119 Betriber kruten d'Kuerzaarbecht accordeiert, wat d'Zuel vun de Leit, déi vun dëser Mesure betraff sinn, op knapp 10.000 klamme gedoen huet. 10.000 Leit déi kuerzschaffen, dat sinn 10.000 Familljen déi mat manner Akommes mussen auskommen, déi musse spueren, déi manner konsuméieren, déi vläicht de Prêt op hiert Haus net kënnen zrëckbezuelen. Dëst sinn Zuelen, wéi mer se zu Lëtzebuerg quasi nach ni kannt hunn, an och net dozou bäidroen wäerten d'Vetraue vun de Leit an hir Zukunft ze verstäerken.

Här President, am Februar huet den LCGB-President, dee jo iwwregens och Kandidat fir d'CSV bei de Chamberwahlen ass, gemengt, datt Lëtzebuerg kee richtege Krisenmanager hätt. Dës Aschätzung kënne mer duerchaus deelen. Amplaz d'Warnunge vun der Ausweitung vun der Finanzkris op d'Realwirtschaft eescht ze huelen, huet d'Regierung, mat un hirer Spëtzt de Premierminister, méintelaang esou gemaach wéi wann d'Kris Lëtzebuerg net géif erfaassen. Wéi dëst dunn awer de Fall war, gouf séier een Antikrisepaquet zesumme-geschoustert, deen dësen Numm awer nëmmen deelweis verdéngt, well en zu engem groussen Deel Mesuren enthält iwwert déi scho jorelaang diskutéiert gëtt, respektiv déi scho laang virun der Kris hätte kënnen ëmgemat ginn.

Här President, wann een de Prognose vu verschiddenen internationalen Organisationsen dierf gleewen, dann hu mer d'Pointe vum Chômage nach laang net erreicht a wäerte musse mat 16 bis 17.000 Chômeure rechnen. Zuelen, wéi mer se nach ni virdru kannt hunn.

Mat deem virleiende Projet soll d'Indemnitéit vun der Kuerzaarbecht vun 80 op 90% eropgesat ginn. Dëst ass eng Mesure, déi

mir als Demokratesch Partei ausdrécklech begrëssen. Et ass richtig an dësem Fall op eng Weiterbildung vun de Leit ze setzen. Eist ieweschst Zil muss et sinn, fir no der Kris besser do ze stoe wéi virdrun. Mir mussen alles dru setzen, datt d'Employabilitéit vun de Leit no der Kris besser ass wéi virdrun, well mer wëssen, datt den niddrege Formationsniveau ee vun den Hauptproblemer um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart ass. D'Weiterbildung vun de Leit an den Entreprisen ass dobäi ee wichtegt Stéck vum Puzzle.

Och wa mir dës Mesuren, wéi gesot, richtig fannen an och ënnerstëtzen, esou bleiwen dach awer an eisen Aen eng Rei vu Froen op: Wéini sollen déi concernéiert Leit forméiert ginn? A wat fir engen Institutionen a vu wat fir engem Personal? Wat fir eng Formatiounen kënnen, sollen a wäerten ugebuede ginn? Kënne mer déi néideg Formatiounen iwwerhaupt hei zu Lëtzebuerg ubidden?

Mir wëssen, datt scho virun der Kris eis Ausa Weiterbildungscapacitésen oft genuch un hir Grenze gestouss sinn. Et ass schéin a gutt d'Indemnitéit vun der Kuerzaarbecht am Fall vun enger Formatioun eropzesetzen, mä domadder ass an dierf et awer net eriwuer sinn. Wann een esou eng Mesure hält, muss een och derfir suergen, datt een de Kader schaaft, datt dës Mesuren och an d'Realitéit kënnen ëmgemat ginn. An hei ass et, wou eiser Meinung no d'Kromm an der Heck läit. Mir sinn hei méi wéi skeptesch, datt ee groussen Deel vun de concernéierte Leit wirklech vun dëser Mesure ka profitéieren.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Dat ännert näischt drun, datt mer a wichtige Betriber vum Wirtschaftsliwen d'Kris mat Kuerzaarbecht mussen iwwerbrécken. Léiwer Kuerzaarbecht wéi iwwerhaupt keng Aarbecht. Et ass jiddefalls eng intelligent Approche fir d'Leit an de Betriber ze loossen. Esou kënnen d'Betriber, wann d'Ekonomie sech erholl huet, direkt nees mat erfuerenem, gutt ausgebildtem a qualifiziertem Personal duerchstarten a méi schnell reagéiere wéi eng eventuell auslännesch Konkurrenz.

Här President, och wa vill Leit sech Suergen ëm hir Aarbechtsplaz maachen, ass et dach awer esou, datt de Gros vun der Bevölkerung bis elo nach kaum direkt vun der Kris betraff ass. Déi Leit awer, déi zum Beispill op der Goodyear oder bei DuPont oder an engem anere concernéierte Betrib schaffen a vun der Kuerzaarbecht direkt betraff sinn, spiere wat et heescht, datt mir wirtschaftlech turbulent Zäiten duerchliwen.

Akommesverloschter vu 500 Euro stécht een net einfach esou ewech. Et deet wéi, wann dës Suen um Enn vum Mount feelen. Dës Leit hunn Angscht virun der Précaritéit. Vill vun deene betraffene Leit sinn de Moment a kenger beneidenswäerter Situatioun. Besonnesch déi, déi eréischt an deene leschte Joren an en eegent Heem investéiert hunn, an dat mat weëneg Eegekaptal, meeschtens enk gerechent wat d'Mensualitéiten ubelaangt. Hei kënnen och falend Zënstauxen net an alle Situatiounen zu enger Entlaaschtung féieren.

D'Situatioun op der Goodyear trëfft den Norden, a besonnesch den Nordstadraum. D'Goodyear ass hei dee gréissten Arbeitgeber an de Gros vun de Leit, déi an engem Salariatsverhältnis sinn, hunn hir Schaff op der Goodyear. Alles wat ech iwwert d'Goodyear gesot hunn, trëfft natierlech och op déi méi wéi 100 aner Betriber mat knapp 10.000 concernéierte Salariéen zou, déi de Moment gezwonge sinn op d'Instrument vun der Kuerzaarbecht zrëckzegräifen.

Här President, d'Politik, a besonnesch d'Politik an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg kann net alles maachen, fir d'Effete vun enger weltwäiter Kris ofzefiederer. Dat dierf eis awer net dovunner ofhalen, fir alles, wat d'Politik an dëse Krisenzäite ka maachen, an d'Weeër ze leeden. D'Demokratesch Partei ass sech dëser Verantwortung bewosst. Aus deem Grond wäert meng Fraktioun och hiren Accord zu deem virleienden Text ginn.

Ofschléissend wëll ech och nach am Numm vun der DP-Fraktioun dem Kolleeg Marcel Glesener Merci soe fir déi flott, agréabel, konstruktiv an dynamesch Aart a Weis, wéi hien d'Sëtzunge vun eiser Kommissioun geleet huet. Déiselwecht Wënsch vu Merci ginn natierlech och un de Vizepräsident vun der Kommissioun, de John Castegnaro.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Une voix.** - Den Ofschloss!

» **M. le Président.** - Merci, Här Etgen. Da kritit den honorabelen Här John Castegnaro d'Wuert.

» **Plusieurs voix.** - Aaaahh!

» **M. John Castegnaro (LSAP).** - Här President, Madame Minister, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, jo, et ass seng lescht Ried. Ech wëll domat Är Gedold haut eng leschte Kéier beanspruchen a strapazéieren a versichen, fir eng Kéier méi kuerz ze sinn, wat mer awer bal ni geléngt, wat ech selwer zouginn.

Ech wëll awer direkt dem Rapporteur, dem Ali Kaes, Merci soe fir dee schrëftlechen a mëndleche Rapport. Hien ass ausféierlech op déi Ännerungen agaangen, déi mer mat deem Projet de loi do virhuelen an déi sech opdrängen opgrond vun der Situatioun um Aarbechtsmaart an an der Economie, esou wéi se vu menge Virriedner de Mëtten hei schonn ëmschriwwen ginn ass.

Ech wëll just drun erënneren, dass ech de 17. Februar, wéi mer d'Debatt iwwert deen éischte Projet de loi haten, a menger Intervention gesot hunn, datt ech et eigentlech net géif gutt fannen, dass mer et op e Joer géife beschränken, mä et direkt hätt sollte fir méi laang virgesi ginn. Mä gutt, besser spéit wéi ni.

» **Une voix.** - Ech hunn lech awer nogelauschtert.

» **M. John Castegnaro (LSAP).** - Merci. An ech géif soen, dee positiven Effet ass, dass mer elo konnte vun enger gewëssener Erfahrung profitéieren a mer duerfir an deem neie Projet de loi - an dat begrësse mer - konnten nei Saache mat abannen, déi mat Sécherheet souwuel de Betriber wéi de Mënschen, déi betraff sinn, entgéintkommen.

Ech wëll elo scho profitéieren, fir Merci fir d'Merciën ze soen dem Kolleeg Marc Spautz, och dem Fernand Etgen fir déi léif Wieder. Ech selwer wëll och de Marcel Glesener net vergiessen a meng Unerkennung ausschwätzen. Ech mengen, mir hu jorzéngtelaang zesumme geschafft. Mir hunn och hei fënnef Joer gehat, wou mer et fäerdeg bruecht hu gutt eens ze ginn.

Ech wëll just nach eng Kéier och drop hiweisen, obwuel et elo zënter gëschter oft widderholl ginn ass an och schonn de Mëtten, wat fir eng Bedeitung vill vun deene Gesetzer fir d'Betriber a besonnesch fir déi Beschäftegt an de Betriber hunn.

Ech wëll den Akzent elo speziell op deen Deel Formatioun leeën, Fräistellung duerch Chômage partiel engersäits, an déi Fräistellung sënnvoll notze fir eng Weiterbildung oder eng Ausbildung. Dat ass gutt fir déi Betreffen. Dat ass och gutt fir d'Betriber. Et ass drop higewise ginn, an et ass och gëschter gesot ginn, dass bei enger Reprise dat mat Sécherheet e gudden Investissement ass, dee jiddwerengem zegutt kënnt.

Ech wëll awer och ënnersträichen - nach eng Kéier ënnersträichen -, dass een net vergiesse soll, dass mer mat deene Mesuren hei natierlech d'Leit an der Aarbecht behalen, statt deen einfache Wee vun der Entloossung ze goen. Mä et muss ee soen, an et dierf een net vergiessen, dass déi Formel hei, déi oni Zweifel déi besser ass, verbonnen ass mat engem Verloscht un Akommes, an dass e Verloscht un Akommes fir vill Leit och bedeit e Verloscht u Kafkraaft an e Verloscht u Liewensqualität, wou se ageschränkt ginn; wat mat Sécherheet zur Belaaschtung vun de betraffene Famillje wäert féieren.

Dierf ech drun erënneren, dass meng Partei, d'LSAP, an enger Pressekonferenz den 10. Mäerz dëst Joer de Virschlag ënnerbreet hat, dass ee sollt op 100% goen, do wou Formatiounen ugebuede ginn, an op 90% fir déi, déi dat net géife maachen. Dat ass net zrëckbehale ginn.

Mä, a mäi Frënd a Kolleeg de Marc Spautz huet dat hei de Mëtte gesot - an ech wëll dat ënnersträichen -, dass et iwwer e Règlement grand-ducal duerchaus méiglech ass, déi positiv Verännerung virzehuelen. Ech hunn dat bal wéi eng Ennerstëtzung emfonnt, dass en deen Hiweis ausdrécklech de Mëtte gemaach huet. An ech géif mer wënschen, dass en op oppen Ouere fält, wann ee weess, dass ebe Leit hei awer Akommesverloschter hunn, déi mat der Zäit ëmmer méi héich ginn, well d'Moyenne vun de Païen, op deenen de Chômage partiel berechent gëtt, erofgeet, also et ëmmer méi e groussen Akommesverloscht gëtt.

Ech wëll awer och eindringlech drop hiweisen, dass all Betreffenen - Mann oder Fra -, deen an de Chômage partiel geréit, en Usproch op Formatioun huet an hu muss, an dass en also an deem Sënn och

muss mobiliséiert ginn, fir dass dat noutwendegt Ugebuet u Formatiounen zur Verfügung steet an dass mer fir jiddwereen en Ausbildungsträger am Betrib oder ausserhalb vum Betrib fannen, dass mer also sécherstellen, dass mer net nëmmen eppes an e Gesetz an a Reglementer schreiwen, mä dass et och an der Praxis kann ëmgemat ginn.

An dann hätt ech eng Fro un den Aarbechts- a Beschäftigungsminister, dee jo Gestionnaire vun deem Ganzen ass: Wann déi, déi da wëllen eng Formatioun maachen, déi Geleeënheet awer net kréien, well se keng Méiglechkeet fannen, kee Formateur fannen, ginn déi da penaliséiert, bleiwen déi dann op den 80% hänken, obwuel se wollten an domat hätte kënnen 90% kréien? Do wär de Wonsch, deen awer vun enger grousszüeger Ausleeung vun engem Auswee, fir deene Leit entgéintze-kommen. Si si jo net schëlleg am Endeffekt, wa se d'Formatioun net kréien, obwuel se se eigentlech wollte maachen.

Wann ech da scho bei där Pressekonferenz vum 10. Mäerz sinn, wëll ech drop hiweisen, dass meng Partei och drop higewisen huet, dass d'Leeschtinge vun der ADEM missten an den nächste Méint net nëmmen erhalte ginn an der Héicht an an der Zäit, mä dass ee sech muss dru gi se ze iwwerpräifen op selektiv Verbesserungen, jo Erhéijungen a Verlängerungen, fir deem ze begéinen, wat de Mëtten hei besonnesch vu mengem Virriedner ugedeit ginn ass, dass mer do an eng Katastroph kéinten erageroden.

Bon, eng Beschäftigungskatastroph, Kolleeginnen a Kolleegen, ka sech net um Bockel vun deenen, déi am mannste schëlleg an esou enger Katastroph sinn, ausdroen. Dat géif bedeuten, dass et zu ëmmer méi sozialen Härtefäll géif kommen, an dat ass jo net am Sënn vun eis alleguer. Ech géif et aneschtens wëlle formuléieren: Mir hate finanziell Mëttel, fir Banken ze retten, mir hu finanziell Mëttel zur Verfügung, fir Betriber ze ënnerstëtzen, a mir missten och genügend finanziell Mëttel hunn, fir ze verhënneren, dass mer an esou eng sozial Situatioun vun Härtefäll duerch Chômage bedéngt géifen erageroden.

Mat Sécherheet, Kolleeginnen a Kolleegen, ass et esou, dass dat nächst Parlament - an dat ass scho geschwënn - virrangeg d'grondleegend Reform vun der ADEM muss virhuelen. Well wa mer d'Gefor vun der Massenaarbeitslosegkeet haut un d'Mauer molen an e Risiko an deem Sënn och besteet, a wann de Chômage partiel weider zouhëlt, a wa Mesuré wéi de Maintien dans l'emploi, wat eng gutt Mesure erëm ass, weider zouhuelen, da muss déi ADEM an och de Ministère an der Lag sinn, fir dat optimal ze géréieren am Interessi vun de Betreffenen.

Ech soen et och duerfir an alles, wat ech virdru gesot hunn, dass et jo och ëm d'sozial Eenheet an dësem Land geet. Well méi Chômage, méi Chômage partiel, méi Précaritéit, manner Kafkraaft, alles dat, léif Frënn, provoziert jo och Negatives, provoziert Broutneid, provoziert, dass mer a Situatiounen kéinte geroden, wou déi, déi Aarbecht hunn, Sträit kréie mat deenen, déi keng hunn, oder ëmgedrängt, provoziert Situatiounen wou de Privateseur, deen net déi Garantien huet wéi den öffentleche Sektur eneeen kéinte geroden, provoziert Situatiounen vu Friemefeindlechkeet, vu Rassenhaass à la rigueur tëschent deenen, déi hunn an net hunn, a kéint dozou féieren, dass Lëtzebuerger, Net-Lëtzebuerger a Frontaliere géifen eneeegeroden. Dat géif e Gruet an eis Gesellschaft schëppen, dee mer guer net sollen entstoe loossen. Ëmsou méi, léif Frënn, well mer Jorzéngte gebraucht hunn, fir Grief, déi bestanen hunn, zouzeschëppen, zouzetippen.

An duerfir hu Gesetzer, déi mer hei gestëmmt hunn, an déi sougenannte Krisengesetzer, déi mer an deene leschte Stonne gestëmmt hunn, schonn hire Sënn. Et geet jo dorëm, weider ze mobiliséieren, all Kräften, all finanziell Mëttel ze mobiliséieren, mam Virrang un d'Mënschlechkeet. Well hannert all deem am Endeffekt ëmmer nëmme Mënsche stinn, déi, obwuel net schëlleg, awer déi sinn, déi am stäerkste betraff sinn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Et wier e Wonsch, deen ech wéilt äusseren - an erlaabt mer, fir dat ze soen: Mir müssen alles doru setzen, fir dass dee Modell Lëtzebuerg, iwwert dee mer houfreg sinn, eis erhale bleift. Mir müssen alles doru setzen, dass mer an dësem Land weiderhin en éierlechen an intensive Sozialdialog behalen. Dat ass net ëmmer einfach. Do gëtt et Héichten an Déiften. Mä de Wëlle muss do sinn, fir zesummen ze schwätzen, fir zesumme Léisungen ze fannen.

Eng Stärkt vun dësem klenge Land, léif Frënn, an dat ass an aneren Zesummenhäng och schonn hei op der Tribün gesot ginn, ass déi vun deem Dialog, ass déi vun deem Modell, dee mer hunn. Mir sollten ni vergiessen, dass ganz vill Leit am Ausland eis fir eis Aart a Weis beneiden, eis fir eise Modell beneiden a frou wieren, eppes Ähnlech ze hunn.

Mir kënnen eis an dësem Land keng Beschäftigungs- a keng Sozialkatastroph leeschten. Mir hunn, an ech wéll et ëmmer erëm soen, vill Moyenen, fir dës ze verhënnere.

Schlussendlech hu mer besonnesch eng Stärkt - deen, vun deem mer ëmmer bewisen hunn, dass e fonctionnéiert -, de gesonde Mënscheverstand an och déi national Solidaritéit.

Erlaabt mer, Här President, zum Schluss Merci ze soe fir fënnef interessant Joren an dësem Haus an och am Ëmfeld vun dësem Haus. Et war net ëmmer einfach, et war souguer heiansdo ganz schwierig, an ech verstoppen net, fir en - naja - en agefleeschtene Syndikalist mat Sécherheet net esou onbedéngt einfach, sech an d'Disziplin...

(Hilarité et interruption)

...vun der Politik a vun de Regele vun esou engem Haus anzegewinnen,...

(Interruption)

...mä, wann ee selwer disziplinéiert war a fir Disziplin gesuergt huet, da fält et engem net schwéier, nozelauschteren an net ze ënnerbriechen.

(Hilarité)

Et fält engem net schwéier, dat matzedroen, wat dann awer d'Majoritéit respektiv d'Koalitiouns- a Regierungsprogrammer decidéiert hunn, och wann een dann op d'Zänn muss bäissen oft a wann een heiansdo muss zréckstiechen, wann ee gesäit, dass et ëm viles, ëm dat Ganzt geet.

Léif Frënn, erlaabt mer ervirzeesträichen, dass ech houfreg sinn, u Reforme wéi dem Code du Travail deelgeholl ze hunn. Ech hunn als jonke Gewerkschaftler hei jorzéngtelaang als Gewerkschaftler bal all Ried ugefaangen, dass mer d'Codificatioun vum Aarbechtsrecht misste kréien.

Ganz houfreg iwwert de Statut unique. Fir een, deen d'Einheitsgewerkschaft ëmmer nach wéllt realiséieren, ass de Statut unique eng formidabel Viraussetzung.

Houfreg och doriwwer, un der ITM-Reform matgeschafft ze hunn, un de Schoulgesetz, un der Berufsausbildung, um 5144, obwuel mer d'Économie solidaire - d'Base légale - nach ëmmer feelt, déi haut méi wéi jee wichteg ass, mä den 5144 ka scho munches bewegen.

An un anere wichtege Gesetzer, déi dëst Parlament unanime oder nom Spill vun der Majoritéit an der Oppositioun gestëmmt huet, mä déi ëmmer - an dat soen ech och -, ëmmer am Interess i vun dësem Land a vu senge Leit waren.

Et gëtt een ëm vill Erfarunge méi räich, wann een hei sétzt. Et gëtt een net méi domm. Am Contraire.

(Interruption)

An ech wéll eppes anescht ervirsträichen, perséinlech. Et kritt ee ganz vill Kolleeginnen a Kolleegen, déi een esou net kannt huet, déi een dann hei kenne léiert, mä et kritt een och nei Frënn dobäi hei am Héijen Haus, mä och ëm dat Héicht Haus erëm: Mataarbechter, déi hei déi immens vill Aarbecht leeschten an immens Gentillesse un den Dag leeën an der Chamber, an der Fraktioun an anerwäerts. Alles dat war et wäert, et matgelieft ze hunn.

Ech wéll Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht; ech wéll Merci soe fir d'Nolauschteren. Ech weess, dass dat net ëmmer einfach fält, besonnesch, wann een eng haart Stëmm huet. Mä déi huet een an déi kritt een och net geännert. Mä den Advantage vun der haarder Stëmm ass, dass Der ëmmer gutt nolauschtert. An dat ass eleng derwäert, dass déi, déi manner haart schwätzen, sech fir déi nächst Sessioun Coursé ginn, fir déi haart Stëmm dann och ze kréien.

Ech wéll all deenen, Kolleeginnen a Kolleegen, déi Kandidatin a Kandidat sinn, dat Bescht wënschen, a wéll all deenen, déi decidéiert hunn, Pensionär ze ginn, och bonne chance wënschen. Mir hunn et alleguer verdéngt.

Merci alleguer.

» Plusieurs voix.- Très bien!

(Applaudissements)

» M. le Président.- Merci, Här Castegnaro. Domadder si mer um Enn vun den Diskussiounen.

(Interruption)

Ah, pardon, d'Wuert huet elo den Här Jaerling.

» M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Dir wäert awer keng Abschiedsried halen?!

(Hilarité)

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Här Gira, ech muss lech enttäuschen: Ech kommen erëm.

(Hilarité)

» M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Mir hunn näischt dergéint.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Här President, erlaabt mer awer och, engem gudde President an engem gudde Vizepräsident, awer besonnesch zwee grouse Gewerkschaftler Merci ze soen, dass ech d'Éier konnt hunn, mat hinne während deene fënnef Joer zesummenzeschaffen.

Ech mengen, mir waren an der Vergaangeneheet als Gewerkschaftler net ëmmer enger Meenung, mä hei war dat ni de Fall an hei hu mer ëmmer zesumme versicht, dat Beschrt fir d'Salariéen erauszeschleichen.

Merci och dem Här Rapporteur fir dat Gesetz hei, well ech mengen, all Gesetz wat bäidréit zur Ofsécherung elo an dësen Zäite vum Personal, awer och vun de Betriber, ass e wichtegt Gesetz, an duerfir kann een dat nëmmen ënnerstëtzen.

Ech hoffen, dass d'Regierung oder d'Regierungsvertrieder haut mat de Fotografen, wou mer nach ëmmer net wëssen, wéi et mat deenen hirem Schicksal steet, och nach eng Léisung fannen, déi jiddwerengem Zefriddenheet gëtt a wou mer net elo an enger nächster Zukunft nach eng Kéier erëm müssen ëm 100 Aarbechtsplaze baangen.

Erlaabt mer awer ofschléissend nach mat Bedauern hei zur Kenntnis ze huelen, dass awer d'Aussoe vun zwee preiseschen Tutebattien zu méi Gespréichsstoff hei am Land suerge wéi d'Suergen ëm déi schaffend Leit hei am Land.

A leider wéll ech och nach bedauern, dass do och nach Spëtzepolitiker hei am Land mat schold dru sinn. Ech hoffen, ech hoffe ganz staark, dass nom 7. am Broochmount déi kollektiv Responsabilitéit erëm iwwerhand kritt, déi mer brauchen, fir gemeinsam dës Kris kënnen ze meeschteren, egal wien an der nächster Chamber hei sétzt.

Ech soen lech op jidde Fall och Merci vu menger Säit aus fir déi gutt Zesummenaarbecht, awer och ganz besonnesch Merci dem Personal hei aus dem Haus, ouni dat ech ganz oft do gestanen hätt wéi dee leschte Fësch.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Dann huet elo d'Regierung d'Wuert. Den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

» M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären... Här President, sot mer just, wéi vill Minutten ech hunn. Ech brauch der.

» M. le Président.- Dir hutt eng Véirelstonn.

» M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.- Ech brauch der, well ech wollt e puer Saachen hei soen, déi ech net d'Geleeënheet hat, an der Chamberskommissioun ze soen, well mer d'Chamberskommissioun elo net méi konnten zesummeruffen.

Nämlech wollt ech, nodeem ech hei e bëssen iwwert d'Gesetz geschwat hunn, schwätzen iwwert déi Diskussioun, déi mer mat de Sozialpartner haten déi lescht Woch an eiser Beschäftigungsréunioun. Well mer do un enger ganzer Partie Froe schaffen - ech komme vum Schaffen aus dem Schoulministère heihinner -, déi Äntwerte solle ginn op eng ganz Partie Froen, déi Verschiedener vun lech elo hei opgeworf hunn. An ech mengen, et wär scho richtig, dass ech d'Chamber hei géif informéieren - wat ech eben net konnt maachen, wat ech normalerweis an der Chamberskommissioun gemaach hunn.

Elo wéll ech fir d'éischt ufänken, an der Chamberskommissioun Merci soe fir déi fënnef Joer gutt Aarbecht. Ech fänke beim President un, deen et fäerdeg bruecht huet, dass mer bal all Dënschdeg zesummekoumen, och fäerdeg bruecht huet, dass mer an enger immens flotter kollegialer Atmosphär geschafft hunn.

E President eleng kann dat net. Wann d'Memberen net wëlle mat esou schaffen, da geet et net. Jiddwereen huet hei matgeschafft. An ech kommen nach op d'Memberen zréck. Mä dem President emol en éischte Merci, fir dass mer wierklech e risege Programm bewältegt hunn am Aarbechtsrecht an an der Beschäftigungspolitik. An all Kéiers wann et erëm brenzleg gouf, an dat war et oft, hu mer eis stënterlech zesumme gesat a mir hu versicht auszediskutéieren.

E Merci dem President an en Äddi, well en ophält. Natierlech geet dee Merci an deen Äddi och un de Vizepräsident, de John Castegnaro. Et ass jo esou, dass ech souwuel de Marcel Glesener wéi de John Castegnaro net nëmmen als Deputéierte kennegeléiert hunn, mä eigentlech nach vill méi als Gewerkschaftler virdrun, an ech muss soen, dass ech wierklech eng grouss Frëndschaft mat deenen zwee hunn. An et deet mer leed, dass Der net méi derbäi sidd.

Ech hunn och doudsécher mat lech ëmmer gestridden an Dir mat mir. An déi Leit, déi mengen, ech hätt méi mam John Castegnaro gestridden, well en OGB-L-President gewiescht wär, wéi mam Marcel Glesener, well en LCGB-President war, déi leie falsch. Well e gudde Gewerkschaftler, dee streit ëmmer mat jiddwerengem. An dofir erreecht en och ganz vill.

An op där anerer Säit, an dat ass dat, wat mer an der Kommissioun gefall huet, mat der Zesummenaarbecht geet et ëmmer drëm fir eppes ze erreechen. An dofir geet mäi Merci iwwert de Marcel Glesener an de John Castegnaro un all d'Membere vun där Kommissioun, vun der Majoritéit op d'Oppositoun. Well eigentlech dee Geescht, deen de President an de Vizepräsident hate vun der Kommissioun, war och de Geescht vun alle Memberen. Et ass oft heftig gaang. Et ass awer och vill gelaacht ginn. An am Endeffekt ass ëmmer versicht ginn, sou vill wéi méiglech Konsens ze hunn, fir eppes Uerdentlech ze maachen dobausse fir d'Leit.

An dofir soen ech, regrettéieren ech déi Kommissioun, déi ech hat, well et war immens flott mat där Kommissioun zesummenzeschaffen. Déi zwee Memberen, déi eis sécher verloossen - déi aner hoffen ech jo, dass ech se all erëmgessinn, wierklech all -, mä dem Marcel Glesener an dem John Castegnaro villmools Merci an, well ech se kennen a well ech weess, dass se nach ganz vill aner Aktivitéiten hunn, déi mech och wäerte betreffen, ass et keen Äddi, mä et ass... Jo, mir gesinn eis erëm. An op anere Plazen. An déi all och erëm eng Kéier eppes mat Beschäftigungspolitik ze dinn hunn.

De Projet de loi, dee mer haut hunn, sinn ech ganz frou, dass dat dee leschten ass vun dëser Legislaturperiod, well e wäert alauden déi éischt Projeten, déi mer an der nächster Legislaturperiod wäerte kréien. Mir sinn net fäerdeg, iwwer Beschäftigungspolitik ze schwätzen. Nun ass virdrun d'Fro opgeworf ginn: Hu mer Krismanagement an der Beschäftigungspolitik?

Mir hunn et. Mir hunn et gehat a well mer zënter Joren - et ass net nëmmen dës Regierung -, mä zënter Jore versicht hunn, eis virzubereeden, hu mer zu Lëtzebuerg fäerdegbruecht, dass mer, obwuel mer méi Leit hunn, a wesentlech méi Leit hunn, déi keng Schaff méi hunn, manner héich de Chômage hunn, wéi se am Ausland hunn; an dat si puer Ursaachen, déi een awer do muss huelen.

Éischt Ursaach ass déi, dass mer zu Lëtzebuerg eist Aarbechtsrecht net dereguléiert hunn. Ëmmer ass, net nëmmen an Europa, och vun der OCDE, och heiansdo heibannen, net heibannen, mä méi vun de Patronatsdéngen, och heiansdo heibanne

gefuertert ginn, mir sollen d'Aarbechtsrecht flexibiliséieren, manner Kënnegungsschutz.

Mir hunn an Europa mat dat haartsten, onflexibelst Aarbechtsrecht. Doduerch hu mer manner Chômage. Mir hunn 1% Leit méi kritt vun November op Januar. Woufir? Ma well dat haaptsächlech Aarbechtsverträge waren, déi Zäitverträge waren, déi ofgelaf sinn. An enger Kris ginn Zäitverträge net méi verlängert. Et gëtt net onbedéngt entlooss.

A Spuenien hu se 17% Chômage, well 40% Zäitverträge do sinn. Doduerch, dass mer zu Lëtzebuerg den onbefrëgte Vertrag, den CDI als Prinzip stoe gelooss hunn a 95% CDI hunn, hu mer zu Lëtzebuerg och manner Entloossungen elo.

Zweetens hu mer duerch d'Kuerzaarbecht - an dat si Gesetzer, déi ginn zréck bis an d'70er Joren -, hu mer duerch d'Kuerzaarbecht verhënnert, dass 10.000 weider Aarbechtsplazen um Spill stinn. Et ass richtig, dass déi Leit, déi betraff sinn, manner verdingen. Si schaffen och manner, si verdinge manner. An do gesäit een, dass een oft gäre géif méi schaffe fir méi ze verdingen, an net manner schaffe fir manner ze verdingen. Och dat soll ee mol a sengem Kapp sech iwwerleeën.

An dann hu mer 2006, op dee Punkt wollt ech nach eng Kéier zréckkommen, hei dat berüchtigt Gesetz 5611 gestëmmt, wou mer d'Beschäftigungsplang gemaach hunn. Wou Patronat a Gewerkschaften net frou waren, mä wou mer et elo fäerdegbréngen, dass déi Betriber, déi restrukturéieren - dat heescht, déi net d'Aarbechtsplazen all kënne garantéieren -, dass déi net Sozialplang maachen, wou d'Leit wuel Sue kréien, mä hir Schaff lass sinn, mä wou se mat der staatlecher Ënnerstëtzung kucken, fir deene Leit nach Perspektiven ze ginn.

An dat bréngt mech zu engem wesentleche Punkt vun der Kuerzaarbecht zu der Formation, deen, an de Marc Spautz huet dat richtig gesot, net am Gesetz verankert ass, mä am Reglement.

Iwwregens muss ech hei direkt mol mech entschëllegen. Ech hu vergiess, dem Här Kaes Merci ze soe fir dee gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport, mä ech gi jo dovunner aus, Här Kaes, dass mer eis nach gesinn; da brauch ech lech elo nach net definitiv Äddi a Merci ze soen.

Den Här Spautz huet Recht. 90% stinn net dran. Dat ass awer e wesentleche Punkt vun eise Reflexiounen. Woufir?

Déi Saach mat der Formation, déi ass net nei. Déi steet zënter de 70er Joren am Gesetz, dass eigentlech sollt Formation gemaach ginn. Net fir 90% ze kréien, mä fir 80% ze kréien. Dat ass ni geschitt aus ville Grënn.

D'Betriber waren net interesséiert, d'Leit waren net interesséiert an et war natierlech esou, dass d'Kuerzaarbecht och nëmme während enger kuerzer Zäit duerchgefouert gouf. Elo hu mer Betriber, déi musse wahrscheinlech Kuerzaarbecht fueren, néng an zéng. An dat si laang Zäiten. An da musse mer wëssen, dass wann d'Reprise kënn no der Kris, dass mer da Leit musse besser forméiert hunn.

Et ginn dräi Zorte vu Leit, déi elo an der Kris Problemer hunn. Déi éischt sinn déi - an dat sinn déi, déi am Chômage conjoncturel sinn - wou de Betrib se brauch, wou awer de Betrib och muss méi produktiv ginn a wou dann de Betrib soll déi Zäit notzen, fir déi Leit besser op de Betrib virzubereeden. An dofir wäerte mer - ech kommen eben aus där Réunioun aus dem Éducationministère, wou mer déi ganz Formationssaachen diskutéieren -, wäerten all déi Betriber, déi Chômage conjoncturel hunn, wäerte mer do versichen, fir iwwer Plans de formation dat ze maachen.

Déi meescht hunn e Plan de formation. Déi, déi kee Plan de formation hunn, déi démarchéiere mer. Do wou de Betrib seet, ech hale meng Leit, ech brauch net ze restrukturéieren, ma do sollen d'Leit am Betrib forméiert ginn, fir am Betrib selwer méi produktiv ze ginn. Well wann et unzitt an d'Leit hate sou laang kuerz geschafft, jo, da sti se schlecht do an da riskéiere se, wann et unzitt, hir Schaff ze verléieren.

Zweet Kategorie vu Leit, dat sinn déi Leit, déi net kënnen am Betrib gehale ginn. Déi musse Formation maache fir eng besser Chance um Aarbechtsmaat ze hunn. An dat geschitt zum Beispill op Beschäftigungsplang. An och do ass et ganz kloer, dass mer wëllen de Leit och e Recht ginn, eng individuell Formation ze maachen. Wann ee seet: „Lauschter, ech wéll elo d'Kuerzaarbechtszäit benotze fir mech besser produktiv ze maachen, fir an en anere Betrib da schaffen ze goen.“ Ma da muss en dat maachen, well doduerch huet ee méi Chance.

Drëtt Kategorie vu Leit, dat sinn déi, déi keng Schaff méi hunn an déi och musse

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

besser ausgebildet ginn. Op déi Kategorie kommen ech nach eng Kéier zréck.

Eis Politik, déi mer elo musse maachen an der Krisenzäit, ass net an éischter Linn eng Politik vu sozialer a passiver Ofsécherung. Dat muss sinn. Mir däerfe keng Sozialkris kréien. Mä fir ze mengen, nëmmen iwwer sozial Ofsécherung hätte mer de Kriseproblem bewältegt, ass falsch, well déi Leit fueren ewech wann et besser geet.

Dat heescht, eisen éischte Souci soll sinn, d'Leit besser ze qualifizéieren, fir dass se no der Kris och d'Chance hunn, hir Schaff ze behalen oder eng nei ze kréien. An dofir hu mer e ganze Plang. Dee wäerte mer mat de Sozialpartner elo déi nächst oder iwwernächst Woch - soubal ech erëm zréck sinn -, mat der Madame Delvaux maache mer do e Rendez-vous mat de Sozialpartner, wou mer hinnen dat alles virschloen.

Mä wichteg ass, dass mer Formatioun ubidden. An d'90% ass net fir eis dat wichtigst. 90% ass fir eis normal, dass wann een d'Halschecht vun der Zäit net schafft an dofir u sech schafft, dass dat muss méi belount ginn, wéi wann en nâischt schafft an doheem kniwwelt oder sou. Soen ech och, dass ech dofir och Problemer hunn op 100% ze goen, well ech ëmmer der Meinung sinn, dass een net däerf an enger Formatioun datselwecht kréien, wéi een no der Formatioun op senger Schaff kritt. Dat ass een Argument.

Et ass richtig, wat de John Castegnaro gesot huet, dass d'Leit à la longue mat hirer Base erofginn, an dofir hu mer och d'Base frësch gekuckt. Well deemno wéi ee virdrun lwwerstonne gefuer ass an esou weider, riskéiert ee wierklech net 80 oder 90% vu sengem normale leschte Loun ze hunn, mä een, dee vill drënner war. Dofir hu mer och un där Base geschafft aus deem dote Gronn, deen den Här Castegnaro zu Recht gesot huet.

An da musse mer eis virbereeden op dat, wat kann am Hierscht kommen. D'Euro-päesch Kommissioun seet: zu Lëtzebuerg Chômage 2009 5,9%; 2010 7%. 7% hate mer ni, 7% war dat zweetbescht Resultat an Europa.

Woufir? Majo, well mer eng Partie Saache gemaach hunn. Mir haten awer e Problem. Gréisste Problem sinn déi Jonk, déi vun der Schoul kommen. An dofir hu mer an eise Réunioun mat de Sozialpartner gesot, mir preparéieren elo e ganze Pak, deen déi nei Regierung, ween ëmmer se ass, kann eventuell mat der Chamber schonn am Juli/August, wa musse Gesetzer geännert ginn, stëmmen, fir dass een net op eemol am Hierscht e Problem huet.

D'Meenunge ginn auserneen, ob et e grouse Problem fir déi Jonk gëtt oder net. Zurzäit sinn déi Jonk eigentlech net esou beträff, mä et ka kommen. Dofir muss een dat elo maachen. An dofir si mer amgaangen eng ganz Partie Pisten ze hunn. Wat kann ee maachen, virun allem, fir déi Netqualifizéiert ze qualifizéieren? Dräi Véirel vun de Jonken, déi ageschriwwen sinn, sinn net qualifizéiert. Respektiv wann elo wierklech géife Qualifizéierter op den Aarbechtsmaart kommen, déi bis elo ëmmer déck Chancen haten, eng ze fannen, déi wéinst der Kris keng géife fannen, muss ee kucken, wéi een dat och do sënnvoll ugeet.

An dat ass e wesentleche Punkt, dee mer, wéi gesot, de Mëtten op enger anerer Plaz amgaange sinn unzediskutéieren a wou mer

wëlle mat de Sozialpartner an deenen nächste Wochen nach zesummekommen, fir dass, egal wat de 7. Juni geschitt, déi Leit, déi nom 7. Juni matenee verhandelen, e Pak fannen, dee se da kënnen ëmsetzen; dass net am Hierscht géif eng Katastroph kommen.

Well wann eis jonk Leit total veronséichert wäeren a keng Chance méi gesi fir d'Zukunft, da géife se ophalen ze léieren. Dann ass eng sozial Ofsécherung net dat, wat hinnen hëlleft. Mir müssen hinne Perspektive bidden. Mir musse se also ausbilden, ausbilden, ausbilden. An dat si mer amgaangen ze maachen.

Dat bréngt mech derzou fir zum Schluss, Här President, Dir Dammen, Dir Hären, e puer Wuert ze soen awer zu där Debatt, déi Der hat, wou ech leider net konnt hei sinn; well ech et net wousst, well ech gären eng Partie Explikatiounen ginn hätt, well se och an dësem Kader ze gesi sinn. Ech wëll déi Explikatiounen gi woufir ech an d'Lycéeë ginn a wéi ech an d'Lycéeë ginn, well ech mengen, dass och do zum Deel falsch Meinungen herrschen opgrond vun Zeitungsartikelen. Duerfir wollt ech e puer Explikatiounen ginn.

Et gëtt dobausse behaupt, ech géif elo d'5611-Diskussioun maachen; wat falsch ass. Dat Gesetz ass gestëmmt an ech schwätzen net méi driwwer.

(Interruption)

Neen, ech schwätzen net méi driwwer.

Am Kader vun där Debatt si Reproché komm, dass gesot ginn ass: Lauschttert, et muss ee méi mat de Schüler an de Studente schwätzen. Ech hunn och an dëser Chamber deemools gesot: Déi Lektouren huelen ech mer zu Häerz. An ech si bereet do, wou e Lycée mech invitéiert, an dee Lycée ze goen.

An zënter dräi Joer schreiwen ech am Hierscht e Brëif un all Lycée, fir ze soen: Dir hutt Schüler, déi ginn eng Kéier op den Aarbechtsmaart an déi hu Froen zum Aarbechtsmaart. Wann Dir gär hätt, dass ech kommen, da kommen ech. Dat ass fräiwëlleg fir all Lycée. Ech ginn zënter dräi Joer regelméisseg an d'Lycéeën. Ech schwätzen iwwert den Aarbechtsmaart. Respektiv en anere Wonsch, deen ech gär hätt, dat ass, dass net ech d'Debatt virginn, mä dass de Lycée an am beschte Fall d'Schüler d'Debatt virginn, an dass d'Schüler hir Froe stellen.

Nun ass et esou, dass ech am léifste géif am éischten Trimester goen. Do ass awer nach vill Organisatoresches, wat net ass. Esou dass ech an déi meeschte Lycéeën zum Schluss vum zweeten Trimester a meeschtens, esou war dat och d'lescht Joer, an der éischter Halschecht vum drëtten Trimester ginn. De Brëif gëtt am Hierscht geschéckt an d'Invitatiounen kommen, wa se kommen.

Woufir elo? Éischtens, well elo d'Schüler méi no zum Aarbechtsmaart sinn; zweetens, well no der Päschtvakanz déi eng an den Examen sëtzen a guer net méi an d'Schoul kommen; an anerer an der Prüfungszäit si vum drëtten Trimester.

Elo muss ech soen, dass ech natierlech, wann Argumenter kommen a soen: „Kann do net Indoktrinatioun gemaach ginn?“, da soen: Dat kann natierlech ëmmer geschéien. Ech soen nach eng Kéier: Ech hätt gären, dass d'Schüler d'Debatt féieren. An

ech muss lech soen, dass se... D'Debatt ass jo komm, well eng... Ech huele jo ni d'Press mat, well ech einfach gären d'Gespräch mat de Schüler hätt. Et geet mir net ëm Reklamm, mä et geet ëm d'Déngen.

D'Europaschoul, déi huet d'Press geruff an do war eng Foto an der Zeitung. Dorophin ass eng Debatt komm. Elo gëtt gesot: Ass do net Indoktrinatioun? Ech mengen net, well ech hunn an all deenen Debatten, déi ech an deene leschte Wochen hat, festgestallt, dass eis Schüler mündeg Schüler sinn. Déi géife scho feststellen, wann ech do wéilt ënnerschwelleg iergendeppes Parteipolitesches maachen.

Ech kréie mëttlerweil - an dat beweist, wéi d'Schüler och interesséiert sinn um Aarbechtsmaart - ganz kritesch a ganz intelligent Froe gestallt iwwert d'Zukunft vum Aarbechtsmaart. Et ass an deem Sënn, wou ech déi Invitatiounen akzeptéiert hunn. Wann d'Chamber der Meinung wär, ech soll dat net maachen, da maachen ech dat net. Déi Zäit hätt ech méi, fir e Wahlkampf ze maachen. Mä ech soen, dass dat heiten nâischt Neies ass. Et ass eppes, wat ech hei am Haus ugekënnegt hunn a wat ech bis elo nach all Joer zënter dräi Joer op där doter Aart a Weis maachen.

Ech wollt dat hei zur Explikatioun ginn. Wéi gesot, et huet mer leed gedoen, dass ech net éischter wousst, dass déi Debatt wär, well ech léiwer an der Debatt selwer déi Explikatioun ginn hätt.

» **M. le Président.**- Här Minister, den Här Bettel wëllt nach eng Fro stellen.

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Ma jo.

» **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, ech wollt den Här Minister Biltgen just froen - ech hunn nämlech am Zeitungsartikel jo gelies, dass et sechs bis siwe Sitzungen elo gi virun de Wahlen, wou en an d'Lycéeë geet -, wivill där Sitzungen d'lescht Joer waren an d'Joer virdrun.

» **M. François Biltgen, Ministre de du Travail et de l'Emploi.**- Also, an der Regel an deenen zwee leschte Joren esou iwwert den Daum gepéilt - ech kann lech awer d'Lëscht ginn - sinn ech an zwielef bis 14 Gebaier gaangen. Ech war dëst Joer schonn an op d'mannst enger hallwer Dosen och virdrun. Dat huet sech vum zweeten Trimester bis elo gestreckt. Dat ass all Joer.

Et sinn emol Lycéeën, déi hu mech ëmmer geholl. Et sinn aner Lycéeën, déi hu mech emol eng Kéier geholl, dat anert Joer net geholl. Wéi gesot, jiddweree kritt deeselwechte Standardbrëif. Deen ass och an der Éducation nationale. Also, et ass net, dass et eng Saach wär, déi net gemellt wär.

Ech ginn lech Recht, Här Bettel, dass et elo e bësse blöd ass, dass et elo erauskënnt, dass dat scho komesch ausgeet. Do wollt ech d'Explikatioun ginn, dass dat heiten eppes ass, wat ech all Joer maachen. D'lescht Joer huet keen drun Ustouss geholl. Et waren och scho Lycéeën, déi an der Vergaangenheet emol eng Foto bruecht hunn. Déi meescht brénge keng.

Dës Kéier, dass natierlech an der Wahlcampagne dann esou eng Foto an en Artikel kënnt, verstinn ech, Här Bettel, dass Der do berechtegt Froe stellt. Dofir wollt ech och versichen lech hei eng uerdentlech Äntwert ze ginn.

» **M. Xavier Bettel (DP).**- Ech soen dem Här Minister och Merci. Mä et ass just, well nom 2. Juni an nom 7. Juni keng Sitzunge méi sinn, mä d'Schoul jo awer e bësse méi laang dauert, dass ee sech d'Fro gestallt huet, firwat een dat net hätt kënnen dës Kéier no de Wahle maachen.

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Also, Här Bettel, ech wär schrecklech frou, wann ech kéint no de Wahle goen. Ech mengen, et ass och deen een oder aneren - een hunn ech am Kapp -, dee mech no de Wahle wollt rufen, well ech och am Kapp hunn, dass dee gesot huet: léiwer duerno. Déi meescht Lycéeën hunn aus organisatoresche Grënn virun de Wahle virgezunn.

Ech hunn net den Datum virginn - ech soen dat nach eng Kéier -, well ech muss soen, mat deem, wat ech als Kris hunn a wat ech da leider och als Parteipresident vun Aarbecht hunn, sinn ech frou iwwer all Stonn, déi ech méi hunn. Mä wann ech de Lycéeën en Angebot maachen, dann huelen ech et un an dat ass einfach mam Sekretariat ofgemaach.

Ech wäert awer och, Här Bettel - ech gi muer nach an zwee Lycéeën; dass dat och ganz kloer ass -, dës l'ingrès de Lycéeën och dat soen, dass hei eng Debatt war an dass een do e Cartes sur table mécht. Ech

wäert wierklech hei net wëllen iergendwéi e Kapital draus schloen, mä einfach de Schüler d'Geleeënheet ginn elo a Krisenzäiten hir Froen zum Aarbechtsmaart ze stellen. An ech wäert versichen, esou gutt wéi méiglech drop ze äntworten.

Sou! Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat gesot, sinn ech frou, dass mer haut e wichtegt Gesetz stëmmen, wou mer ville Leit am Land e bëssen Zukunftsperspektiv ginn; obwuel, och wann een eng sécher Plaz huet an der Kuerzaarbecht, ee sech awer Suerge mécht. An ech mengen, dofir ass et gutt, dass d'Chamber just mat dësem Gesetz hir Legislaturperiod ofschléisst.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Minister.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum Vote vum leschte Projet de loi vun dëser Legislaturperiod, de 6006 iwwert d'Ofännerung vum Code du Travail.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Voilà! De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6006 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hettogaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass och dat esou décidéiert.

16. Motion de M. Aly Jaerling relative aux photos d'identité biométriques (suite)

Dann hu mer nach d'Motioun vum hono-rabelen Här Jaerling.

(Interruption)

Jo. Mir sollte jo nach Réckmeldung kréien, wat déi Réunioun am Ausseministère erginn huet. Ass een à même der Chamber do-riwwer Opschloss ze ginn? Den Här Minister Biltgen, wann ech gelift.

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Jo. Merci, Här President. Ech sinn dëst Joer net méi Parlamentsminister fir fënnef Joer, mä ech spillen da Parlamentsminister, well ech dee leschte Projet hat. Den Här Asselborn an den Här Schmit hu mech gebieden, an hirem Numm ze soen, dass eng Réunioun haut stattfonnt huet - dat wësst Der -, dass direkt, wou d'Fotografen hir Suergen ugemellt hunn, den Ausseministère an déi zwee Ausseministère bereet ware mat hinnen zesummenzekommen.